LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**REÇU**
Par Christine Wirtgen , 07:44, 29/06/2020

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Luxembourg, le 26 juin 2020

**Référence :** 832x9b9af

**Objet :** Questions parlementaires n°2332 du 4 juin 2020 de Messieurs les Députés Jeff Engelen et Fernand Kartheiser et n°2335 du 4 juin 2020 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet du dossier de soins partagé

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et du soussigné aux questions parlementaires n°2332 du 4 juin 2020 de Messieurs les Députés Jeff Engelen et Fernand Kartheiser et n°2335 du 4 juin 2020 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet du dossier de soins partagé.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour le Ministre de la Sécurité sociale

Abílio FERNANDES MORAIS
Premier Conseiller de Gouvernement

**Annexe(s) :** Réponse aux questions parlementaires n°2332 et 2335

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
Fax (+352) 247-86328
mss@mss.etat.lu
www.mss.public.lu
www.gouvernement.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir d'sozial Sécherheet a vun der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Froen n° 2332 vun den Här Deputéierte Jeff Engelen a Fernand Kartheiser a n°2335 vum Här Deputéierte Sven Clement iwwert den "Dossier de soins partagé"**

*De Bierger huet jo op fräiwëllleger Basis d'Méiglechkeet, den elektronesche Patientendossier nees zouzemaachen. Wat geschitt an dem Fall mat deene gespäicherten Donnéeën? Ginn dës automatesch geläscht oder muss de Patient dat nach eng Kéier extra ufroen?*

*An menger parlamentarescher Fro n°1391 hat ech mech ëm d'Opt-Out-Prozedur am E-Patientendossier informéiert. D'Regierung huet hei erklärt, dass d'Versécherten ëm hier Rechter informéiert ginn an den Dossier och kënnen zoumaachen.*

- *Wat geschitt mat deenen Donnéeën, déi schon am DSP gespäichert goufen?*
- *Ginn dës Donnéeën mat der Desakivéierung automatesch automatesch geläscht oder muss den Assuré dat nach eng Kéier extra ufroen?*

Den Artikel 3. vum groussherzoglechem Reglement vum 6. Dezember 2019 iwwert den DSP gesäit fir, dass all Titulairë vun engem DSP, d'Recht huet, fir sech géint d'Deele vu sengen Donnéeën ze widdersetzen. Dëst Recht kann dann op enger generell Weis, direkt beim Opmaache vum DSP ausgeüübt ginn, awer och punktuell, also fir all eenzel medezinesch Donnéeën oder Dokumenter déi a sengem DSP, gegebenefalls, dra stinn.

D'Ausübe säitens vum Patient vu sengem Oppositiounsrecht zum DSP, entsteet soumat nëmmen nom Opmaache vum DSP, an net virdrun. D'Opmaache vum DSP fir all Versécherten ass am Kader vum groussherzoglechem Reglement am "Opt-Out" Modus oder Prozedur virgesinn.

Beim Opmaache vum DSP, ass dësen eidel, also beinhaltet zu dem Zäitpunkt keng medezinesch Daten oder Donnéeë vum Titulaire. Wann en DSP innerhalb vun 30 Deeg nom Opmaache vu sengem Titulaire zougemaach gëtt, gouf dësen ni aktiv, a konnten also och keng Donnéeën dra geluecht ginn.

Sollt en DSP vu sengem Titulairë no dësen 30 Deeg zougemaach ginn, also nodeems den DSP aktivéiert ginn ass, ginn all d'Donnéeën déi wärend déi Zäit dra geluecht goufen, fir eng Period vun 10 Joer gehalen an archivéiert, an op déiselwecht Manéier och 10 Joer nom Doud vu sengem Titulairë. Grond dofir ass dat, sollt een Titulairë nees bannen dësen 10 Joer säin DSP wëllen opmaachen, oder nom Doud vum Titulairë op Ufroe vun der Justiz, kann hien oder d'Justiz op dëst Donnéeën nees zeréckgräifen. Wann innerhalb dësen 10 Joer keng Re-Ouverturë vum DSP ugefrot gëtt, ginn all dëst Donnéeën automatesch geläscht.

*Wéi de Gesondheetsministère an der heefeg gestallte Froen (FAQ) matdeelt, ginn d'Patientendonnéeën an engem „Gesundheitssafe" gespäichert. Weider Präzisiounen iwwert dëse "Gesundheitssafe" feelen awer. Wéi gesäit dëse "Gesundheitssafe" konkret aus a mat wéi engem technesche Mëttelen ass dëse geseecht?*

*Op eSanté steet geschriwwen:*

*Die Daten werden in einem "Gesundheitssafe" in Luxemburg gespeichert. Die Informationen werden gesichert übertragen und verschlüsselt gespeichert.*

*Wéi ass dësen „Gesundheitssafe" technesch geséchert?*

D'Gesondheetsdonnéeë vun engem Patient déi a sengem DSP gesammelt, veraarbecht a geséchert ginn, ginn dat am Aklang mat de Bestëmmunge vum GDPR (Europäescht Reglement iwwert d'Bestëmmungen zum Datenschutz). Si ginn hei zu Lëtzebuerg an engem zertifiéierte Lëtzebuerger Hosting Provider (Datacenter) Niveau Tiers IV gespäichert, an dëst an enger speziell an eegener verdeelter IT-Architektur, an net, wéi esou oft ervirgehuewe gouf, an engem zentraliséierte Lager.

Speziell Sécherheetsmesuren, esou wéi Kontramesurë gi säitens vun der Agence eSanté, alldeeglech am Kader vun der Gestioun vun hirem SMSI (Système de Management de la Sécurité de l'Information), deen eng ISO 27001 Zertifizéierung huet, ëmgesat.

*Kann d'Regierung der Chamber matdeelen, wéi eng Persounen an/oder Institutiounen Zougrëff op den elektroneschen Patientendossier hunn? Ass séchergestallt, dat dësen Zougrëff och an Zukunft strikt limitéiert bléift an net op aner Persounen an/oder Institutiounen erweidert gëtt?*

Zougang zum DSP, esou wei zu sengen Donnéeën, sinn nëmmen dem Titulairë, also dem Patient selwer, esou wéi (zu Lëtzebuerg autoriséiert) Gesondheetsberuffler déi an enger therapeutescher Relatioun mam Patient sinn a vun him Zougrëffsrecht accordéiert kruten, limitéiert. Dozou kennt nach, dass nëmmen op ausdrécklecher a schrëftlecher Ufro vum Patient/Titulairë selwer, dem Personal vun der "Identito-Vigillance" Zell vun der Agence eSanté, den Zougang zousätzlech erlaabt ass, fir zum Beispill eng Ännerung an dem Patient seng Donnéeën z' ënnerhuelen. Allgemeng gëllt dat all Zougang zum DSP, Nominativ a chronologesch retracéiert an archivéiert gëtt, an ass fir de Patient zu all Moment siichtbar.

*Huet d'Regierung de gesamte Volet vum elektronesche Patientendossier am Hibléck op d'Konformitéit mat de Bestëmmunge vum Dateschutz kontrolléiert? Wa jo, wéi eng Erkenntnisser hunn sech doraus erginn? Wann nee, gedenkt d 'Regierung dat zäitno ze maachen?*

Den DSP entsprécht a respektéiert vu vireran dem GPDR, also d'Bestëmmungen zum Schutz vu perséinlechen Daten, esou wéi d'Rechter vun der Selbstbestëmmung vum Patient. Schonns 2014 waren ënnert der Obhut an Zesummenaarbecht mat der CNPD, säitens vun der Agence eSanté, eng komplett DPIA (Data Privacy Impact Assessment) Étudë, esou wei eng "EBIOS" Risiko-Analyse gemaach ginn. Am Virfeld vum Lancement vum DSP a senger Testphase, sinn dës zwou Aarbechte vun der CNPD gutt geheescht ginn.

*Wat geschitt, wann Donnéeën falsch agedroen goufen? Wéi kennen d'Versécherten dat préiwen an Ännerungen ufroen?*

All Titulairë oder Assuré huet zu all Moment Zougang zu sengem DSP an zu deen doran enthale medezinesch Dokumenter an Donnéeën. Sollt hei eng Donnéeë falsch sinn, kann den Assuré zu all Moment, an Applikatioun vum Punkt (5) vum Artikel 17 vum GPDR (Reglement (UE) 2016/679 / Europäescht Reglement iwwert d'Bestëmmungen zum Schutz vu perséinlechen Donnéeën), eng Ännerung oder eng Verbesserung vu sengen Donnéeë beim "Helpdesk" vun der Agence eSanté ufroen.

*Existéiert ee Sécherheetsaudit iwwert den DSP? Falls jo, wäert de Ministère dëse Veréffentlechen? Falls nee, wär et net opportun, esou een opzestellen, fir Risiken aus dem wee ze goen?*

Jo, et gëtt e reegelméissege Sécherheetsaudit gemaach, et ass och eng Verflichtung déi am Kader vun der ISO 27001 Zertifizéierung vun der e-Santé Plattform gefuerdert ass. Donieft ginn all Joer am Duerchschnëtt méi wéi 22 PEN Tester, etc. duerchgefuer.

Aus Sécherheetsgrënn a fir weiderhin d'Sécherheet vum Informatiounsplattform eSanté ze garantéieren, ginn awer d'Resultater vun dësen Analysen, oder Auditen, streng vertraulech gehalen.

*Deelt d'Regierung d'Aschätzung vun den Piraten, dass all IT-System ka geknéckt ginn?*

D'Agence eSanté huet eng Rei Prozeduren implementéiert fir e séiert Erkenne vun Anomalien ze erméiglechen, esou wéi gegebenefalls e schnellt Agräifen am System fir Schlëmmes ze verhënneren. Dëst ass a bléift eng vun de wichtegsten Aufgaben vun der Agence eSanté.

*Wäert d'Regierung Précautiounen huelen, dass den DSP just a Präsenz oder nëmme mam explizitten Accord vum Patient (zum Beispill duerch eng Authentifizéirung) consultéiert ka ginn?*

Dat ass schonns elo de Fall. Zougang zum DSP, esou wei zu sengen Donnéeën, sinn nëmmen dem Titulaire, also dem Assuré selwer, esou wéi, zu Lëtzebuerg autoriséiert, dem Gesondheetsberuffler, den an enger therapeutescher Relatioun mam Patient steet a vun him d'Zougrëffsrecht accordéiert krut, limitéiert.
Den Accès zum DSP ass nëmmen duerch eng staark Authentifikatioun (Luxtrust Produkt) méiglech. Dëst gouf schonns deemools beim Lancement vum DSP a senger Testphase vun der CNPD gefrot, an dorops hin vu der Agence eSanté och esou implementéiert.

*Wäert am Kader vum DSP och de Patient eng synchroniséiert Kopie vu senge gesamten Daten op engem digitale Medium kënne hunn?*

Nee, aus Sécherheetsgrënn ass dëst net vun der Agence eSanté virgesinn. Den Assuré kann awer sengersäits zu jidder Zéit, an ënner senger eegener a ganzer Verantwortung, eng Kopie vun den an sengem DSP gespäicherten Donnéeën am Format vu senger Wiel, an op dem digitale Medium vun senger Wiel, maachen.